1ères ASSISES CULTURELLES

1er & 2 JUILLET 2016

RAPPORTS

Document n° 3

2016 ASSISES CULTURELLES

Plus de 450 personnes ont participé aux Assises culturelles qui se sont tenues les 1er et 2 juillet 2016 au Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg.
Dans son discours d'ouverture, le secrétaire d'État à la Culture, Guy Arendt, a expliqué l'approche participative adoptée lors de la préparation des assises. En amont, 8 groupes de réflexion sectoriels ont identifié les défis dans leurs secteurs respectifs et 4 sujets transversaux ont ainsi été retenus.
Lors de la première journée, deux sujets ont été traités : « L'école, un lieu de transmission culturelle ? » et « Artiste – Une profession comme une autre ? ». Les sessions thématiques ont été introduites respectivement par Jean Marc-Lauret (ministère de la Culture et de la Communication, France) et par Dr. Christiane Schnell (Goethe Universität Frankfurt). Les sujets ont ensuite été discutés dans le cadre d'une table ronde sur scène, suivie d'un débat avec la salle.
Lors de la deuxième partie des Assises culturelles deux autres thèmes ont figuré à l'ordre du jour : « Promouvoir la création artistique. Quelle stratégie ? » et « La culture est-elle reconnue à sa juste valeur dans la société luxembourgeoise ? ». Les débats ont été encadrés par des exposés de Toni Attard (Arts Council Malta) et Kathrin Merkle (Conseil de l'Europe).

Le Premier ministre, ministre de la Culture, Xavier Bettel, a été présent pour la clôture des Assises. Après le résumé des sessions par les 4 rapporteurs (Robert Garcia, Jeanne E. Glesener, Jo Kox, Sasha Ley), Xavier Bettel a expliqué les suites qui seront données aux Assises culturelles. Il a annoncé que Jo Kox, ancien directeur administratif du Casino Luxembourg-Forum d'art contemporain et président du Fonds culturel national, a été chargé du suivi des assises et d'approfondir les discussions. Xavier Bettel a souligné que les Assises ne sont pas la fin, mais le début d'un dialogue constructif avec le secteur culturel. (CdP)

Rapporteurs

Prof. Dr. GLESENER E. Jeanne
LEY Sacha
KOX Jo
GARCIA Robert

Relecture

RETTEL Marc

Grand Théâtre, vendredi 1er juillet 2016

Session 1 : « École – un lieu de transmission culturelle ».
Rapporteur : Prof. Dr. Jeanne E. GLESENER, Institut de langue et de littératures luxembourgeoises, Université du Luxembourg

INVITÉS DE LA SESSION :
Serge BASSO DE MARCH, Kulturfabrik
Laura GRASER, Rotondes
Sandrine HOELTGEN, enseignante et coordinatrice culturelle du Lycée Belval
Marcel KRAMER, directeur, Lycée classique de Diekirch
Jean-Marc LAURET, ministère de la Culture et de la Communication, France
Roland MEYER, auteur, enseignant
Claude MOYEN, professeur d'éducation artistique (Lycée classique de Diekirch), conseiller pédagogique (MUDAM)
Pascal STICKLIES, Philharmonie Luxembourg

INTRODUCTION THEMATIQUE : Jean-Marc LAURET (Chargé de mission d'inspection générale des affaires culturelles, ministère de la Culture et de la Communication, France) : « À quelles conditions une action d'éducation artistique et culturelle peut-elle avoir un impact positif sur les enfants ? ».

Am Panel « École – un lieu de transmission culturelle » hunn d'Moderatore virop un d'Haaptpunkten, déi an de Rapporte vun de Virbereedungssëtzunge vun de verschiddene Secteure festgehale gi sinn, erënnert. Dat waren ënner anerem : eng méi geziilt Kooperatioun tëschent dem Kulturministère an dem Educatiounsministère, d'Formatioun vun den Enseignanten an den Educateuren, d'Sensibilisatioun vun de Jonke fir Konscht a Kultur, eng Virbereedung op Kulturberuffer, en *Tarif réduit* fir d'Kulturinstitutiounen an d'Programmkommissiounen. Déi dräi lescht Theme sinn an der Diskussioun leider net behandelt ginn, woubäi dat awer besonnesch am Bezuch op d'Programmkommissiounen – also och op de Contenu, deen an de Coursen an duerch d'Aktivitéiten ze vermëttelen ass – wichteg gewiescht wier.
A senger Konferenz „À quelles conditions une action d'éducation artistique et culturelle peut-elle avoir un impact positif sur les enfants ?", huet de Jean-Marc Lauret iwwert eng ganz Rei wichteg Sujete geschwat; am Folgende si just déi festgehalen, déi och an der Table ronde opkomm sinn.
Allgemeng ass festzestellen, datt kulturell-kënschtleresch Bildung am Curriculum wéineg Plaz anhëlt. Dobäi ass et wichteg ze ënnersträichen, dass, wann déi kulturell-kënschtleresch Bildung en Effekt soll hunn, genuch Zäit virgesi muss ginn, fir datt déi verschidden Initiativen, wéi zum Beispill d'Partenariater tëschent den Institutiounen an den Artisten, geziilt kënnen ausgefouert ginn. En nohaltegen Effekt kann ausserdeem nëmmen dann erreecht ginn, sou de Jean-Marc Lauret, wa folgend dräi Dimensioune matenee verbonne ginn: *le voir* (duerch d'Visitten), *le faire* (aktiv kënschtleresch täteg sinn) an, iwwert de Wee vum Enseignement, *d'Verstoe* vun de Wierker duerch Konscht- a Kulturgeschicht. D'Projet-d'établissemente spillen deemno eng decisiv Roll; dës mussen, sollen se en Impakt hunn, allerdéngs déi ganz *Communauté éducative* mat abezéien an net just op de Schëllere vun e puer engagéierten Enseignantë gedroe ginn. Heiraus ergëtt sech, datt och d'Formatioun vun den Enseignanten an den Domainer vun der Konscht a Kultur eng Prioritéit muss sinn.

An der Table ronde ass virun allem iwwert d'Struktur an d'Praxis vun der *Éducation culturelle* an *artistique* debattéiert ginn. Bestoend Strukture sinn ugeschwat ginn, awer och Beräicher, an deenen et néideg ass, ëmzedenken.
En dominante Punkt war de Besoin, eng global Vue fir d'*Éducation culturelle* ze entwéckelen. Heizou zielt och, datt d'Direktioune vun de Schoule fir d'Wichtegkeet vun de Projet-d'établissemente sensibiliséiert ginn, fir datt déi Enseignanten, déi fir dëse Beräich zoustänneg sinn, den néidege Support kënne kréien. Dat ass eng wichteg Viraussetzung fir ze vermeiden, datt sech eleng op hire perséinlechen Engagement verlooss gëtt. Nëtzlech wier et deemno, an de Schoulen *Équipes pédagogiques* ze bilden, déi zesummen eng Struktur ausschaffen, an där Konschtpraxis an -enseignement zentral sinn. Engersäits kéint iwwert dee Wee eng besser Preparatioun vun de Visitten an de kulturellen Institutiounen a vun den Diskussioune mat Kënschtler, déi an d'Schoulen ageluede ginn, garantéiert ginn an anerersäits den Enseignement vun der Konscht- a Kulturgeschicht méi systematesch organiséiert ginn.

E weidert grousst Thema vun der Debatt war d'Formatioun vun den Enseignanten an den Educateuren. D'*Éducation culturelle* an *artistique* soll an hirem Cursus méi eng grouss Plaz kréien (d.h. net just an der *Formation continue*, mee och schonn um IFEN an op der Uni, d.h. scho während dem Stage), fir datt si d'Kompetenze kréien, déi hinnen d'Konscht- an d'Kulturtransmissioun erlaabt an awer och, ganz praktesch gesinn, fir sech der schwiereger Aufgab ze stellen, wéi Kultur mat Kanner a Jugendlechen ze maachen ass.

Vu Säite vun de Kulturhaiser ass d'Fuerderung gestallt ginn, datt si Konschtpädagogen zur Säit gestallt kréien, fir datt och hei d'Vermëttlung an d'Praxis méi geziilt an effektiv kënnen organiséiert ginn.
Et gouf etlech Reaktiounen aus dem Sall. Ënner anerem ass op déi wichteg Roll vun der *Éducation artistique* a *culturelle* higewise ginn, fir Integratiounsprozesser ze favoriséieren. Et ass och ënnerstrach ginn, datt Kultur net just als Zousaz oder Optioun soll ugesi ginn, mee – well se Deel vum Liewen ass – eng méi geziilt Roll an der Bildung soll spillen, an dat och hei erëm mat Bléck op gesamtgesellschaftlech Prozesser. D'Fuerderung ass, fir d'Kultur méi transversal am Curriculum ze verankeren.
E Kritikpunkt aus dem Sall war, datt an der Podiumsdiskussioun an och an de *Sessions préparatoires* keng Schüler ageluede waren, wat fir dëse Panel awer wichteg gewiescht wier.

Ofschléisse wëll ech mat dëser Reflexioun: Et gëtt allgemeng ugeholl, datt d'*Éducation culturelle* an *artistique* eng ganz Rei vu positiven Auswierkungen op den Individuum huet, déi wäit iwwer de Konschtberäich erausginn (z.B. perséinlech Identitéitsbildung, Entwécklung vum kritesche Geescht a vu soziale Kompetenzen, etc.). Si soll de Jonken et erméiglechen, mündeg Bierger vun enger Gesellschaft ze ginn an hinnen hëllefen, sech souwuel kulturell wéi och wirtschaftlech weiderzëentwéckelen. Eng Viraussetzung dofir sinn awer Grondkenntnisser iwwert de kulturhistoreschen Hannergrond vun der Gesellschaft, an där se liewen. Deemno misst och Konscht, Kultur- a Literaturgeschicht vu Lëtzebuerg an all hire multikulturellen Aspekter an Dimensioune méi eng grouss Plaz an der *Éducation culturelle* an *artistique* kréien, eng Aarbecht, där sech d'Programmkommissiounen dann och méi konsequent mussen unhuelen.

Grand Théâtre, vendredi 1er juillet 2016

Session 2 : « Artiste – une profession comme une autre? ».
Rapporteur : Sascha LEY, vocaliste, comédienne, compositrice, songwriter

INVITÉS DE LA SESSION :
Tania Brugnoni, 1535° Creative Hub Differdange
Sylvia CAMARDA, danseuse, chorégraphe
Sophie LANGEVIN, actrice, actors.lu
Carole LORANG, metteur en scène, Compagnie du Grand Boube, Theaterfederatioun
Sam REINARD, Rocklab, Rockhal
Nathalie RONVAUX, auteure
Dr. Christiane SCHNELL, Institut für Sozialforschung an der Goethe Universität Frankfurt
Trixi WEIS, artiste, AAPL (Association des Artistes Plasticiens du Luxembourg)
Nico WEYDERT, Statec

INTRODUCTION THÉMATIQUE : Dr. Christiane SCHNELL (Institut für Sozialforschung an der Goethe Universität Frankfurt) : « Was bedeutet Professionalisierung in künstlerischen Berufen? Empirische Befunde und theoretische Deutungen ».

FLASHPOINT : Nico WEYDERT (Statec) : « L'emploi culturel au Luxembourg ».

Déi zweet Sessioun vun den *Assises culturelles* gouf vum Claude Mangen ageleet. Dobäi huet hien direkt d'zentral Theme vun dësem Panel, dat ënnert dem Titel « Kënschtler – e Beruff wéi en aneren?“ stoung, abordéiert: d'Aarbecht an d'Remuneratioun, d'Spezialisatioun am Kontext vum Kënschtlerberuff an déi spezifesch Entwécklung zu Lëtzebuerg. Awer och d'Fro vun den Objektiver fir d'Zukunft, déi eng sëlleche Froen opwerfen, huet hien ugeschwat. De Kënschtlerstatut betreffend muss sech zum Beispill gefrot ginn, ob de Kënschtler als professionell gëllt, well – respektiv wann – e bezuelt gëtt oder well en eng akademesch Ausbildung huet. Brauch de Beruff vum Kënschtler eng juristesch a politesch Unerkennung als Legitimatioun? Ënnert wat fir engem Modell soll de professionelle Konschtschafende fonctionnéieren: ënnert deem vum Independant, vum Fräischaffenden, vum Deelzäitschaffenden oder wat fir aner Konditioune schéngen am passendsten? Wat fir eng Roll spillen dobäi de Staat an de Kulturministère, oder sollte si spillen, ënnert anerem am Hibléck op eng finanziell Ënnerstëtzung a Chômage am Prozess vun der Professionaliséierung; sollen d'Konditiounen hei déiselwecht si wéi fir aner Fräiberuffler? Doriwwer eraus misst een sech froen, sou de Claude Mangen zum Schluss vu senger Introduktioun, ob de Marché zu Lëtzebuerg grouss genuch ass, fir alle Kënschtler ze erlaben, vun hirem Beruff ze liewen.

D'Dr. Christiane Schnell, Wëssenschaftlerin a Soziologin, hëlt sech dem Thema vun der Sessioun an hirer Konferenz „Was bedeutet Professionalisierung in künstlerischen Berufen? Empirische Befunde und theoretische Deutungen“ un:
Laang Zäit huet sech dat romantescht Bild vum Kënschtler als *Bohémien* gehalen, deen entweder vu Mäzenen oder ëffentlech gefërdert gouf, oder awer an Aarmut gelieft huet, wann e keen Erfolleg hat. Zanter den 1970er Joren huet dat sech geännert, andeems d'Konschtmaachen als Erwerbsaarbecht an Existenzgrondlag eng nei Konnotatioun krut. Selbstverwierklechung a Flexibilitéit ware Moteur fir d'Pionéier vun enger (neier)

dereguléierter Déngschtleeschtungsgesellschaft. Domat huet sech déi gesellschaftlech Bedeitung verännert an hu sech nei Méiglechkeeten erginn, fir ausserhalb vum Konventionellen ze schaffen; de Kënschtler krut quasi de Status vun engem „*Problemlöser mit gesellschaftlicher Aufgabe*“. Anerersäits bréngt de Modell vun der Professionaliséierung vum Kënschtler e Gläichsetze vu Persoun a Beruff mat sech; d'Iddi vun der „Berufung“, also der Vocatioun, spillt hei eng wichteg Roll.

Am Géigesaz zu dëser positiver Virstellung vun der Konscht an dem Kënschtlerberuff, hunn empiresch Fuerschungen e komplext Netz vu Wënsch, Gestaltungsméiglechkeeten an Ofhängegkeet beschriwwen, déi zum Kënschtlerberuff gehéieren. Hei geet et ëm déi komplizéiert Bedéngunge vum Liewen als Kënschtler, d'Ufuerderungen an eng gewëssen Onberechenbarkeet. D'Dr. Christiane Schnell huet dës „*disparate Domänen in der historischen Vorstellung*“ ervirgestrach, déi gläichzäiteg eng Roll spillen: iwwersachlech Kompetenzen a Spezialiséierung, soziaalt Encadrement an Individualismus, lokal Bindungen an Internationalitéit, souwéi nohalteg Reproduktioun a Risikobereetschaft.
Et gëtt keng sozial virgepräägten oder institutionell ofgeséchert Mustere fir d'Aarbecht an d'Liewen als Kënschtler; Individualismus an Integratioun an de Konschtsystem ginn zesumme mat enger beruffsbiographescher Eegelogik, an d'Kënschtlersi berifft sech op déi eegen Entscheedung.
Allerdéngs hu sech d'Rahmebedéngunge vum Konschtschafe generell op kontinentaleuropäeschem Niveau verännert. Hei hu sech verschidden Aspekter an de leschte Joerzéngten erauskristalliséiert, wéi déi vun engem kulturstaatleche Paternalismus a verschiddene Forme vu finanzieller Ënnerstëtzung, vu sozialpolitescher Integratioun, vu Kommerzialiséierung an Expansioun. Sou ass dat, wat urspréinglech eng Nisch war, zu engem ekonomesche Faktor ginn, de Konschtmaart gouf finanzialiséiert, de Wettbewerb gouf verschäerft an nieft den neie Chancë koumen och eng erschwéiert Existenzsécherung a méi Drock. D'Motiv vum Kënschtler ass d'Singularitéit, woubäi e Risk vun enger Ofhängegkeet vum Maart, fir ze existéieren, besteet.

An engem leschte Punkt ass d'Christiane Schnell op d'Erausfuerderunge vun der Professionaliséierung agaangen:
Dës betreffen engersäits de Kënschtler a senger individueller Entwécklung; hie muss sech ëmmer erëm d'Fro stellen: „Wéi vill Maart verdréit meng Konscht?“, fir seng eege Positioun, awer och seng Konscht a seng sozial Existenzweis dono auszeriichten.
Vu staatlecher Säit hier – an hei orientéiert sech d'Soziologin virun allem un der Entwécklung, wéi se sech an Däitschland manifestéiert huet – si virun allem zwee Voleten ze nennen. Dëst sinn en Ausbildungsoptrag souwéi eng Ënnerstëtzung vun der Konscht, déi net nëmmen op d'Reproduktioun vu Succès um Konschtmaart ausgeriicht ass; heizou gehéiert och de Management an d'Berodung vum Kënschtler.

No dëser Interventioun huet den Här Nico Weydert vum Statec kuerz d'Statistik iwwert d'Relatioun tëschent Wirtschaft a Kultur, respektiv d'Situatioun vun de Kënschtler am Kontext zu Lëtzebuerg, virgestallt.
De grousse Fazit beschreift keng gutt Situatioun, wat d'Participatioun oder den Informatiounsgrad vun de Befroten ugeet, woubäi d'Frontaliere schwiereg anzebezéie waren. Ze ënnersträichen ass awer, datt, zum Beispill, de Pourcentage vun den „e*mplois culturels“* am Verglach mat aneren EU-Länner nach héich läit. Dovunner sinn allerdéngs

nëmmen 20% fräischaffend Kënschtler. Generell schaffen am Kulturberäich Leit mat engem héije Bildungsniveau an zu engem liichte Prozentsaz méi Frae wéi Männer.

Am Laf vun der Table ronde gouf festgestallt, datt eng positiv Entwécklung opzeweisen ass: An de leschte Jore goufe vill Fortschrëtter gemaach, bei jonke Kënschtler gëtt et vill gudde Wëllen an d'Professionaliséierung ass d'Konsequenz vum Opkomme vu méi Beruffskënschtler, woubäi nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass, datt de Kënschtler Risken hëlt.
Donieft gëtt et nach eng ganz Rëtsch aner problematesch Aspekter. Déi gesamt Situatioun ass nach relativ jonk. Et feelt un Unerkennung vum Job, och am finanzielle Beräich; dat stécht nach alles „an de Kannerschong". D'ekonomesch Realitéit ass d'Maartwirtschaft, wéi se sech an der Rockhal an aneren Etablissementer weist. D'Liewen zu Lëtzebuerg ass deier, an en *Travailleur intellectuel indépendant* muss all Mount seng Sozialbäiträg bezuelen, och wa keen Akommes do ass. Ausserdeem ass eng Demarche vum „stännege Schaffen" gefrot, wouduerch oft den Espace an d'Zäit fir d'Kreatioun u sech feelen. De groussen Deel vun de Kënschtler ass (gutt) ausgebilt, mee d'Strukture wëssen nach net, wéi domat ëmzegoen ass. Gläichzäiteg gëtt vun de Kënschtler Polyvalenz an engem héije Mooss gefrot, heiansdo och an engem ze vill héijen. De Metier freet och enorm Kompetenz, an nieft der Kreatioun muss de Kënschtler sech generell selwer verwalten. Bei de bildende Kënschtler ass de Risiko och deen, ze schafen, ouni Garantie vun enger Visibilitéit oder engem Verkaf vun hire Wierker. Nieft de positiven Aspekter vun der Entwécklung an deene verschiddene Facteure vun Onsécherheet fir de professionelle Kënschtler, huet d'Table ronde awer och eng Partie Weeër opgewisen, wat nach ze maachen ass. Sou gouf festgehalen, datt d'Professionalitéit en Ëmfeld brauch. Sécher ass Kënschtler sinn eng Entscheedung, zu där ee muss stoen, an awer sollten déi Konschtschafend heiranner ënnerstëtzt ginn, an dëst, zum Beispill, och schonn direkt no dem Studium, wou si vläicht nach eng Bewährungszäit brauchen, bis si hir Kreatioune kënne virstellen. Allgemeng brauchen d'Kënschtler als Ënnerstëtzung souwuel Formatioune wéi Bourssen an Atelieren.
Op finanziellem Plang, de Kënschtler betreffend, gouf ausserdeem ënnerstrach, datt hien net nëmmen de Publikum brauch, mee och d'Moyene fir sech ze projezéieren; e soll ënnerstëtzt ginn, och wa keng Rentabilitéit besteet. Et misst ee vun engem „*investissement public*" amplaz vun enger „*dépense publique*" schwätzen. De Kënschtler soll aus der „*Bittstellung*" erausbruecht ginn. Doriwwer eraus soll, am soziale Beräich, de professionelle Kënschtler vun aneren *Travailleurs intellectuels indépendants* ënnerscheet ginn, zum Beispill duerch e Kënschtlerstatut amplaz vun deem vum *Travailleur intellectuel indépendant*, duerch Senkunge vu Steieren an Upassung vun de Cotisatiounssätz an duerch Senkunge vun der TVA op Serviceleeschtungen a Konschtobjeten.
Och um Niveau vun den Institutioune wiere finanziell Ännerungen ze wënschen: De Budget vu klengen Haiser, an deenen e professionellen Déngscht iwwer de Benevolat geleescht gëtt, well mat klenge Mëttele geschafft gëtt, sollt ugehuewe ginn.
Ausserdeem bräicht een eng „*volonté de coopération*" tëschent Staat a Kënschtler, respektiv Organisateuren. Och misste politesch Responsabilitéite geholl ginn, fir bei den Institutiounen a Firmen (och bei deenen, déi aus dem Ausland kommen) Lobbyaarbecht fir d'Promotioun vun der lëtzebuergescher Konscht ze maachen, an esou Méiglechkeeten ze ergräifen, fir de Maart ze erweideren. Um Niveau vum Publikum, schlussendlech, misst een de Wee vun der Sensibilisatioun goen, fir neie Public ze gewannen, an och de Publikum misst „professionaliséiert" ginn.

Den Debat mam Public vun der Sessioun huet dann och eng Partie vun deenen Aspekter, déi schonns an der Table ronde genannt goufen, weidergefouert.
Och hei gouf dat Finanziellt thematiséiert, zum Beispill datt Prestatiounen ëmmer sollen honoréiert ginn, datt no Boursse froe keen Heesche wier, mee eng Ufro vu Subventioune fir eegestänneg kënnen ze schaffen, datt vill méi Suen an d'Institutioune wéi an d'Kënschtler, déi do schaffen, gepompelt géife ginn an eng Balance misst geschaaft ginn, a schliisslech, d'Kënschtlergagë betreffend, datt dës fir déi lëtzebuergesch Kënschtler ze niddreg wieren, méi niddreg wéi fir déi auslännesch Gäscht, an datt d'Gagë solle gehéicht an aktualiséiert ginn; zanter bal zwanzeg Joer wier de Montant quasi deeselwechte bliwwen.
Och de Volet vun der Ënnerstëtzung ass nach eng Kéier ugeschwat ginn: D'Kënschtler brauchen Agenten an Experten, déi si op hirem Wee förderen a begleeden.
Weider Meldungen aus dem Publikum hunn dann och nach aner Aspekter ugeschwat, zum Beispill, datt ze vill Import aus dem Ausland géing kommen an datt Kulturkritik zur Verbesserung vun der kultureller Entwécklung géing gehéieren, d'Medien awer net genuch an déi Richtung géinge maachen. Ausserdeem sollen d'Kënschtler méi Selbstvertrauen hunn a sech solidariséieren. Et ass dann och Kritik un den Assisë selwer formuléiert ginn, andeems, mat groussem Pessimismus, hir Wierksamkeet hannerfrot gouf; villes läit sécher nach am Tirang, et gëllt weiderzemaachen.

Grand Théâtre, samedi 2 juillet 2016

Session 3 : « Promouvoir la création artistique. Quelle stratégie ? ».
Rapporteur : Jo KOX, président du Fonds culturel national, ancien directeur administratif du Casino Luxembourg (1996-2016), coordinateur du groupement « d'stater muséeën »

INVITÉS DE LA SESSION :
Toni ATTARD, Director of strategy, Arts Council Malta
Jean BECHAMEIL, artiste
Bernard BAUMGARTEN, Trois C-L
Patrice HOURBETTE, Music :LX
Jérôme KONEN, Kinneksbond, Mamer
Stephane Ghislain ROUSSEL, auteur et metteur en scène, directeur artistique de la Compagnie Ghislain Roussel
Thomas SCHOOS, Éditions Guy Binsfeld
Gast WALTZING, musicien

INTRODUCTION THÉMATIQUE : Toni ATTARD (Director of Strategy, Arts Council Malta) : « Creative growth knows no borders ».

Mat grousser Iwwerzeegungskraaft a mat ville perséinlechen Anekdoten huet den Toni Attard den "Arts Council" vu Malta spannend a passionant virgestallt. Hien huet op d'Wichtegkeet vun esou enger Institutioun fir d'Diffusioun vu maltesesche Kënschtler an der maltesescher Kultur am Ausland higewisen, an unhand vu konkrete Beispiller e Verglach mat Lëtzebuerg gemaach. Eleng schonns wéinst der Gréisst, der Awunnerzuel an dem artisteschen Ëmfeld kéint d'Beispill vun engem "Malta Arts Council" och op Lëtzebuerg iwwerdroe ginn.
"Small nations do it better" ass dem Toni Attard säi Leitmotiv! Genee wéi Lëtzebuerg huet Malta keng primär Ressourcen; ëmsou méi grouss ass de Wonsch, d'Konscht an d'Kreativitéit zu Malta an de Mëttelpunkt ze stellen.

Fir awer aus dem existenten "Malta Council for Culture and the Arts" en neien "Malta Arts Council" ze grënnen, eng national eegestänneg Agence fir den Developpement vum maltesesche Konschtsecteur, war vill Iwwerzeegungsaarbecht néideg, wéi och Dialogbereetschaft tëschent allen Acteuren. Strategien hu missen ausgeschafft ginn, d'Politik gouf abezunn (z.B. d'Kultur-Parlament), an en neit Gesetz huet misse geschriwwe ginn.

Ënnert der Tutelle vum maltesesche Kulturministère ass den "Arts Council Malta" haut zoustänneg fir d'Promotioun, den Export an den Developpement vun de maltesesche Kënschtler am Ausland, mat engem Budget vun 1,5 Milliounen Euro d'Joer an enger Equipe vun néng Leit.

Säin Haaptuleies ass et, de maltesesche Kënschtler néng verschidde Programmer vu Bourssen a Subsiden unzebidden. Ënnert anerem sinn dëst Kënschtlerresidenzen am Ausland, Tournéesprogrammer an e Fong, deen Iwwersetzunge bezuelt, wat et erméiglecht, maltesesch Auteuren och an anere Sprooche kënnen ze liesen. Zu deenen ënnerstëtzten Domainë gehéieren z.B. och Videosspiller oder Fernsehproduktioune vu kulturellem Charakter.

Als Strategiemanager ass et dem Toni Attard seng Aufgab, dofir ze suergen, datt all eenzelen Euro esou effizient wéi méiglech kann agesat ginn.

Déi Diskussiounen, déi op der uschléissender Table ronde opkomm sinn, sinn ze differenzéieren. Op där enger Säit si Fuerderunge gestallt a Virschléi gemaach ginn, déi dorop hinzilen, Lëtzebuerger Kreatiounen a Kënschtler um nationale Plang besser ze vermaarten. An op där anerer Säit gouf diskutéiert, wéi eng Strategie kéint ugepeilt ginn, fir um internationale Plang d'Lëtzebuerger Kënschtler besser ze etabléieren.
Um **nationale Plang** ass eestëmmeg eng méi protektionistesch Haltung gewënscht ginn: Méi lëtzebuergesch Produktiounen a manner auslännesch Gaaschtproduktioune sollen an d'Programmer vun den Institutiounen opgeholl ginn. D'Synergien tëschent den Haiser solle besser gefërdert ginn, mat méi Koordinatioun, Transversalitéit an Engagement vis-à-vis vun der lokaler Zeen. D'Analys vun engem kënschtleresche Parcours, vun der Formatioun bis zur Retraite, gouf evoquéiert. De ganze Prozess vun enger Kreatioun, vun der Iddi bis zur Realisatioun an der uschléissender Diffusioun misst analyséiert ginn, fir ze determinéieren, wou zu Lëtzebuerg d'Stäerkten an d'Schwächte leien.
Fir dëse Prozess anzeleeden, misst an der aktueller Kulturpolitik an an der Kulturzeen e Paradigmewiessel stattfannen: e Gruppendenken an eng nei Dynamik missten opkommen.
Um **internationale Plang**, do waren sech sämtlech Participanten op der Table ronde eens, bräicht Lëtzebuerg eng professionell opgestallte Plattform fir den Developpement an den Export vu senger Konschtzeen. Dëse Constat ass schonns zu Buerglënster an den eenzele sektoriellen Diskussiounsronne gemaach an niddergeschriwwe ginn. Lëtzebuerg kéint sech um Beispill vum Malta Arts Council inspiréieren. An dat besonnesch och am Kontext „*Nation Branding*". Kulturell Koproduktiounen, den Accueil vun auslännesche Kënschtler an den Echange mat hirem Wierk dréit d'artistesch Kreatioun wäit iwwert d'Grenze vum Land eraus. Den Toni Attard sot: „For Malta, *internationalization* is a must". Datselwecht gëllt och fir Lëtzebuerg. A méi wéi enger Hisiicht kéint Malta wichteg Weeër fir Lëtzebuerg opzeechnen. Dozou gehéiert och déi verdéiften Analys, déi d'Malteser iwwert d'wirtschaftlech Inzidenzen an Implikatioune vum kulturelle Secteur gemaach hunn.

E puer Reaktiounen aus dem Publikum hunn op divers Mëssstänn higewisen, respektiv verschidden Aussoe vum Panel ënnerstrach a vervollstännegt.
Op (Re)-Definitioun vu „Kultur" ass gepocht ginn. Éier ee vun enger nationaler Strategie schwätzt, misst een eemol am Viraus de Begrëff „Kultur" nei definéieren, fir ze wëssen, wat alles ënnert dësem Sammelbegrëff ze verstoen ass. Ass d'Architektur Deel vum „Kulturbegrëff"? Wann d'Definitioun bis steet, dann eréischt fänkt een un, iwwer eng Strategie an uschléissend iwwer eng Taktik nozedenken.
Eng aner Reaktioun aus dem Sall war déi, datt een d'Groussregioun net dierft aus den Ae verléieren.
Bemängelt ginn ass och, datt op der Table ronde kee Representant vun de Medien invitéiert war, woubäi déi awer eng wichteg Roll an der Vermëttlung spillen, respektiv ze spillen hätten.
Als Uspillung op d'Diskussioun iwwert den Export ass präziséiert ginn, datt international Kollaboratiounen tëschent Kulturinstitutioune virun allem op Vertraue berouen. Dat ass e laange Prozess, wou och deen eenzelen Artist gefuerdert ass a sech muss duerchsetzen. Mee och déi beschtméiglech Strategie, fir d'Kënschtler ze exportéieren, geet oft eleng net duer. Net jidder Kënschtler ass „exportabel", net jidder Produktioun kann am Ausland

gewise ginn. D’Kënschtler sinn och selwer gefuerdert, fir op sech opmierksam ze maachen, andeems se hiert eegent Netzwierk opbauen, an eng adaptéiert Auto-Promotioun maachen. Wonsch ass et, d’Qualitéit op ee méi héijen Niveau ze setzen an Exzellenz unzestriewen. Nëmmen esou kann d’Bild vun enger kultureller Zeen no bausse besser erschéngen.

Grand Théâtre, samedi 2 juillet 2016

Session 4 : « La culture est-elle reconnue à sa juste valeur dans la société luxembourgeoise ? ».
Rapporteur : Robert GARCIA, Rotondes

INVITES DE LA SESSION :
Paul BERTEMES, MediArt
Marthy BRACKE, Cité Bibliothèque
Nico HELMINGER, auteur
Kathrin MERKLE, direction de la gouvernance démocratique, Conseil de l'Europe
Céline SCHALL, Université du Luxembourg
Serge TONNAR, musicien, singer-songwriter, MASKéNADA
Raymond WEBER, ancien haut fonctionnaire de la culture au Luxembourg, à l'UNESCO et au Conseil de l'Europe
Michel WELTER, booker (den Atelier & Rock-A-Field)

INTRODUCTION THEMATIQUE : Kathrin MERKLE (Chef de division, Culture et Démocratie, Direction de la gouvernance démocratique, Conseil de l'Europe) : « What culture can achieve. »

FLASHPOINT : Céline SCHALL (Université du Luxembourg) : « La culture vue par la population : pourquoi interroger les pratiques culturelles des Luxembourgeois ? ».

Dans son introduction thématique à la session, Kathrin Merkle n'a pas manqué pas de relever certains points importants concernant la valeur que la culture devrait avoir pour une société démocratique.
Dans le cadre d'une nouvelle « *narrative* » pour l'Europe, les enjeux de la démocratie et des droits humains interpellent une nouvelle définition du rôle que la Culture peut assumer dans l'interface entre les intérêts des citoyennes et citoyens et le renforcement de la démocratie. Madame Merkle a pointé du doigt les relations qui existent entre la culture et la pratique de la démocratie, notamment en matière de participation citoyenne, d'une plus forte adhésion à la société. Aussi existe-t-il suivant les pays européens une forte corrélation entre le degré de couverture digitale et la culture participative.
En règle générale, les pays européens affectent en moyenne environ 1% des dépenses publiques à la culture, ce qui semble donc être un étalon intéressant pour juger de l'importance accordée par les pouvoirs publics à la culture, jugée d'ailleurs importante par 77% des citoyens européens. Et Madame Merkle de conclure que la Culture est en quelque sorte une défricheuse pour le développement durable de la société.

Plus concrètement, dans son « *flashpoint* » faisant suite à l'introduction thématique de Madame Merkle, **Céline** Schall s'est penchée davantage sur les données statistiques autour de cette nébuleuse inconnue qu'est le public, ou plutôt que sont *les* publics culturels. Certes, les chiffres sont insuffisants pour en tirer une conclusion qualitative significative ; néanmoins, différents constats peuvent être avancés :
Premièrement, l'importance de la culture est reconnue par une majorité de la population et par les pouvoirs publics. Toutefois, si la fréquentation des publics est en hausse, elle ne témoigne pas d'un élargissement démocratique : seul 43% de la population profitent de l'offre culturelle et, au sein même de cette communauté, le noyau dur des « cultureux » a

tendance à renforcer sa fréquentation déjà intense au détriment de publics nouveaux. Concernant la jeune génération, plus « virtuelle », on peut craindre que la fréquentation culturelle *in situ* risque de baisser au cours des prochaines décennies. Aussi la montée de la « culture d'écran » va-t-elle changer l'image traditionnelle de la fréquentation culturelle comme acte physique sur des lieux géographiques définis. En même temps, il y a un risque que l'on doive faire face à un émiettement de la culture dite « pour tous », par manque de repères communs à l'intégralité de la population, engendrant l'absence de certaines couches de la population des grands courants culturels.
Madame Schall a donc proposé d'affiner l'évaluation des publics par des enquêtes sur place et par des méthodes d'évaluation plus qualitatives que simplement quantitatives. Pour conquérir de nouveaux publics – dessein auquel devrait répondre la stratégie des pouvoirs publics et des organisateurs culturels –, elle a notamment suggéré de multiplier des types d'approche des différents publics (stratégie de communication différenciée), de créer un Observatoire de la Culture ainsi que de concevoir de nouveaux outils de médiation culturelle. Elle a estimé que le plan de développement culturel est l'outil de choix pour définir des objectifs à moyen terme de la politique culturelle.

À la suite de ces communications, le débat du panel s'est ouvert sur la question de la valeur de la culture dans la société luxembourgeoise.
Après avoir constaté que la définition de la notion de « culture » était susceptible de présenter de fortes variations, l'auteur Nico Helminger a invoqué quelques défis qui se présentent pour une meilleure reconnaissance de la culture, et particulièrement afin d'éviter le renforcement de communautarismes parallèles qui risquent de contrecarrer les impératifs d'une société d'intégration et d'inclusion. Il a cité la presse qui devrait être davantage un vecteur des valeurs culturelles et a proposé que la culture devienne un thème fédérateur, par exemple dans une prochaine déclaration sur l'état de la nation.
Le musicien Serge Tonnar a défini la culture comme « Alles wat mer sinn ». Pour sortir la culture de l'enclavement dans une administration publique spécifique (ministère de la Culture), il a proposé que le gouvernement entame une véritable stratégie interministérielle, à l'instar de sa démarche envers d'autres thématiques sociétales.
Raymond Weber a insisté sur la nécessité que le travail politique ne soit pas sectoriel, mais transversal. Il a évoqué le feu Conseil National de la Culture, qui, comme le Forum Culturel actuel, a permis des échanges au sein du secteur culturel. Aussi de tels organismes permettent-ils d'atténuer des tendances de dépolitisation de la culture.
Sur cette évocation d'un Conseil National de la Culture, le rapporteur a profité de sa carte blanche pour parler de «Braddelgremien » et a mis l'idée d'une représentation sociale sur la sellette, soit sous forme de regroupement syndical, soit au sein d'une Chambre professionnelle.
Madame Bracke a fait remarquer que l'expérience de la bibliothèque municipale montre que l'accès gratuit aux usagers engendre une très forte participation.
Michel Welter a ouvert une menue polémique en opposant une « culture d'assistés » promue par les pouvoirs publics à la logique commerciale des organisateurs privés qui misent davantage sur la satisfaction d'une demande existante de la part du public que sur la création de nouvelles offres subventionnées qui, souvent, ne correspondant pas à pareille demande.
L'éditeur Paul Bertemes a insisté sur l'urgence d'une stratégie politique à moyen terme (5, voire 20 ans). Si les Capitales européennes de la culture en 1995 et 2007 ont permis un envol

du secteur et une professionnalisation accélérée, il faut dès lors éviter de nouvelles structures-« Waasserkäpp » et proposer plutôt une suite logique dans cet envol.
Raymond Weber a relevé que le plan de développement culturel est le moyen approprié pour assurer une convergence des forces vives culturelles et des industries créatives.
Serge Tonnar a repris la polémique autour de la culture assistée et de la rentabilité des actions culturelles pour se défendre contre la création d'«artistes de marché » soumis aux aléas de l'économie de marché. Un meilleur soutien de la politique aux artistes, notamment par l'augmentation de la part de la culture dans le PIB, permettrait de mieux réconcilier les intérêts de tous les acteurs de la culture.
Pour conclure la table ronde – qu'on a pu considérer comme trop concise – Nico Helminger a **rappelé** que la culture ne doit pas être réduite à un moyen pour obtenir des résultats dans le cadre de stratégies politiques et sociétales, mais qu'une réciprocité équilibrée entre la société et la culture devra être assurée.
Enfin, le rapporteur a fait remarquer que, d'un côté, la reconnaissance de la culture à sa juste valeur se fait aussi par une reconnaissance financière (part de la culture dans le PIB ou les budgets publics) et que, de l'autre, la culture cible trop un public d'initiés et néglige des faits sociétaux comme l'intégration des migrants, l'implication des frontaliers ou la question du genre.

À l'issue de cette table ronde, il ne restait plus beaucoup de temps pour donner la parole à un maximum de personnes présentes dans la salle.
Une première intervenante de la salle a focalisé son intervention sur le manque de visibilité du genre féminin dans l'actualité culturelle ; c'est ainsi que les femmes compositrices, par exemple, sont pratiquement absentes des programmes musicaux. Elle a préconisé soit un groupe de travail « *gender* » qui propose des mesures concrètes, soit une introduction de quotas de genre à l'instar des quotas réservés dans les média**s** de certains pays à des productions locales.
Une deuxième intervenante a tenté de nuancer les critiques de la culture au Luxembourg qui, en comparaison avec d'autres pays, se montre dynamique. Nonobstant, elle rejoint l'argument d'un poids social de la culture qui ne peut être augmenté que par une meilleure adhésion du secteur aux propos syndicaux.
Une autre voix a fait remarquer que si la reconnaissance de la culture dans la société luxembourgeoise n'était plus à démontrer, c'était plutôt au niveau de la politique luxembourgeoise qu'il restait beaucoup à faire pour que la reconnaissance, suivie de mesures concrètes, se fasse sentir sur le terrain.
Deux propositions d'un intervenant étaient plus concrètes : à moyen terme, il faut que la part de la culture dans le budget de l'État dépasse de nouveau la barre psychologique et réelle d'1% et il est urgent de prévoir des suites immédiates aux présentes Assises afin que la dynamique ne retombe pas après l'été avec un retour à la routine.
Ensuite, le concept de « *nation branding* » a été évoqué par la salle ; il est considéré comme douteux, témoin d'une volonté d'utiliser la culture pour ses fins. Il serait préférable que le secteur parle d'une seule voix au lieu de se laisser instrumentaliser par des stratégies économiques.
La voix de Serge Tonnar s'est élevée : il a préconisé qu'après l'investissement dans les pierres, puis dans les administrations, il serait dès lors temps d'investir dans les artistes. Une proposition évidemment accueillie favorablement par une grande partie de la salle !

En dernier lieu, un intervenant a revendiqué de ne pas réduire la culture à un divertissement offert gratuitement à la population, mais qu'il échoit aux autorités d'augmenter la part de la culture des piètres 0,87% actuels du budget des dépenses ordinaires de l'État, puisque la Culture n'a pas seulement un prix, mais aussi un coût.
Au vu d'autres demandes de parole dans la salle, il devra être envisagé, lors d'une édition ultérieure d'Assises culturelles, d'accorder plus de temps à l'échange de la salle avec les intervenants du panel.

Jo KOX
V1. 2017.06.15